De Schmelzaarbechter: E Virbild. Eng Stäip.

30. Abrëll 2020. Zanter enger Rei vu Joren den Dag vun der traditioneller 1.Mee-Virfeier vun der Amicale Kolonien, haut d'Amicale vum Schmelzaarbechter, déi zesumme mat der Gemeng an de Gewerkschaften eng Commemoratioun zu Éiere vum Schmelzaarbechter organiséiert.

Dëst Joer hu mir eis just zu e puer beim Monument um Eck Cité Benn afonnt fir deenen ze gedenken, déi de Grondstee vum Wuelstand a vum soziale Fridden zu Lëtzebuerg gesat an iwwer d'Jore gefestegt hunn : Eis Schmelzaarbechter an hir Familljen. Sie all zesumme stinn un der Wéi vun der ekonomescher Entwécklung, déi eist Land zanter Jore kennt.

Een haarde Wee an enger Zäit, déi net einfach wor: Schlecht Aarbechtskonditiounen, niddreg Léin, keng spezial Ofsécherung, keng Sécherheet op der Aarbecht … vill Suergen a vill Leed … vill Nout ab Onsécherheet ! Allerdéngs hunn d'Leit – d'Aarbechter vun der Schmelz, mat hire Fraën a Familljen – sech duerchgeschloen, duerchgekämpft.

Leider ass d'Plaz beim Steen haut quasi eidel. Eng Blummegerbe als Merci, awer och als Hoffnung.

Déi aktuell sanitär Kris, ausgeléist vun engem schreckleche Virus, de Covid-19, huet den Dag vun haut zu engem besonneschen Dag gestempelt. Net ewéi soss treffe mir eis zu bal honnert Leit fir de Patrimoine vum Stol- a Schmelzaarbechter héich ze halen ! De Confinement léisst dat net zou. D'Quarantän erlaabt et net mateneen e conviviale Moment ze erliewen, ze feieren.

Néanmoins, bleift et oder ass et ëmsou méi een Dag fir Nozedenken, iwwer eis Gesellschaft, iwwer dat, wat eis verbënnt, iwwer dat, wat eis eent, iwwer dat, wat verbessert a nei orientéiert muss ginn, fir méi Gerechtegkeet, méi Fridden a méi Liewensqualitéit ze erméiglechen.

Jo, déi aktuell Kris stellt eis alleguer virun eng grouss Erausfuerderung, an eng ekonomesch Kris mat neie soziale Suergen zeechent sech of. Wat elo zielt si Solidaritéit, Zesummestoen an d'Virbereedung op eng nei, aner Zäit, déi mat Responsabilitéit, Courage a Gedold vu jidder Eenzelen gestäipt a begleet muss ginn.

D'Schmelzaarbechter sinn e Beispill, sie solle fir eis alleguer e Virbild an eng Stäip sinn; well sie bewisen hunn, datt mat Asaz a Engagement, mat Solidaritéit an Toleranz ëmmer nees Weeër aus enger schwiereger Zäit, aus enger Kris mat Rezessioun méiglech ass.

Yes we can. Yes we will. Together.

Jo mir kënnen. Jo mir wëllen. Zesummen.

Paul Weimerskirch

Buergermeeschter